



MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze froen?

(Assentiment)

Merci. Da maache mer dat esou.

4. 7256 - Projet de loi portant modification de la loi du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise (suite)

A mir ginn zu deem zweete Projet iwwer, wou mer och nach net ofgestëmmt haten. Dat ass de Projet 7256, déi kleng Ännerung iwwert d'Gesetz zur Lëtzeburger Nationalitéit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7256 et dispense du second vote constitutionnel

An ech géif dann d'Ofstëmmung ufänken. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

57-mol Jo, 3-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7256 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marcel Oberweis), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Och hei stellt sech d'Fro vun der Dispens. Sidd Der d'accord, fir déi unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen dann zur Diskussioun vum nächste Projet de loi iwwergoen: de Projet de loi 7261, en Accord tëschent den EU-Staten an Australien. An de Rapporteur, den Här Marc Angel, ass scho prett.

5. 7261 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et l'Australie, d'autre part, fait à Manille, le 7 août 2017

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Jo, Merci, Här President. Mir ginn elo nach méi wäit wéi de Kaukasus virdrun. Mir gi carrement an de Pazifik, mir ginn an Australien, e Land oder e Kontinent souguer mat 23 Milliounen Awunner, 7,692 Milliounen km². Wann ech richtig rechne kann, ass dat méi wéi 3.000-mol méi grouss wéi eist klengt Ländchen.

Australien an d'Europäesch Unioun, dat sinn och enk Partner, trotz där Distanz vu 24 Fluchstonden. An dat kënnt eben duerch déi historesch, déi kulturell, déi ekonomesch an awer och déi politesch Lienen. Dat ass d'Ursach vun dëser enker Partnerschaft.

Australien ass genau wéi d'Europäesch Unioun e grouse Verteideger um internationale Plang vun Demokratie, vun der Rechtsstaatlechkeet, vun de Mënscherechter. Et sinn zwee aktiv Akteuren um multilaterale Plang. An ech mengen, Lëtzebuerg an Australien ware jo och zesummen 2013 bis 2015 am UNO-Welt-sécherheetsrot, wou mer zesummen eis agesat

hu géint Terrorismus an och géint Massevernichtungswaffen. Mir an Australien sinn also a ganz ville Punkten „like-minded“, wéi een dat esou schéin nennt, d'Europäesch Unioun, awer och Lëtzebuerg.

1997 kouw et zu dem éischte formaliséierte Partenariat tëschent der Unioun an Australien. An 2003 gouf dat duerch e Programme de coopération ergänzt. 2008 krut dat Ganz, déi ganz Relatioun, eng nei Dynamik duerch en neie Partenariat an doduerch kouw et och all Joers zu enger Réunion ministérielle am Kader vum Dialog UE-Asie-Pacifique.

D'Europäesch Unioun ass den drëtten Handelspartner vun Australien, direkt hanner China a Japan. An et ass den éischte Partner, wat d'Investitiounen ugeet, direkt hannert den USA a Südkorea.

Wat d'Relatioun mat Lëtzebuerg ubelaangt, wéilt ech och nach drun erënneren, dass mer säit 2016 souwuel mat Australien wéi och mat Neuseeland déi sougenannten „Accords programme vacances-travail“ an d'Liewe geruff hunn. Et ass also e Visa, e System, deen et erlaabt, dass honnert Jonker aus Australien oder aus Lëtzebuerg kënnen e Joer am jeeweilege Partnerland sinn, wa se tëschent 18 an 30 Joer al sinn. Klammer zou, ech kommen zrëck bei dësen Accord.

Den Oktober 2011 huet de Conseil decidéiert, dass d'Europäesch Kommissioun dësen Accord-cadre ausschaffe sollt, fir eben deem Accord de partenariat vun 2008 en Enn ze setzen. D'Europaparlament huet dësem Accord de 26. März 2018 säin Accord ginn; elo si mer erëm an eise traditionelle Wee, wéi mer hei schaffen. Den Objet vun dësem Accord ass eben eng Basis, fir dass d'Relatiounen tëschent deenen zwee Partner weidergedriwwen kënnen ginn.

Duerch dësen Accord verflachte sech och Australien an d'Europäesch Unioun, um internationale Plang méi enk zesummenzeschaffen. Besonnesch sief ervirgestrach, an dat ass och an der Kommissioun gesot ginn, wéi de Projet presentéiert ginn ass, an ech mengen, dat freet de Kooperationsminister, dass an de Voleten Entwécklungszesummenaarbecht an humanitärer Hëllef och vill méi eng enk Zesummenaarbecht kënnt tëschent der EU an Australien an dass och Froe vu Klimaschutz an Ëmweltfroen an de Vierdergrond gestallt solle ginn.

An ech mengen, déi Decisioun huet schonn hir éischt Friichte gedroen, well mir wëssen, dass deen heiten Accord, dee mer haut ofstëmmen, net vu laanger Dauer wäert sinn, well schonn en neien Accord, e Fräihandelsaccord an der Verhandlung ass. An do ass scho festgehalleginn, well jo d'Mandat publizéiert ginn ass a well och de Minister eis jo schonn an der Kommissioun driwwer informéiert huet, dass bei deem neien Accord den Accord de Paris eng Clause essentielle gëtt, dat heescht, wann eng vun de Parteie geif do erausklammen, da wär dee ganzen Accord null.

Den Accord vun haut, dee beinhalt zéng Titelen. Dat geet vun den Dispositions générales, wou d'Mënscherechter an d'bonne Gouvernance ernimmt sinn, entre autres iwwert den Dialogue politique, wou et weider ëm de Kampf géint d'Proliferatioun vu Waffe geet, de Kampf géint den Terrorismus, déi international Sécherheet, awer och Froe vu Cyberspace ginn ugeschwat. Am Titre 3 geet et ëm e wirtschaftlech nohaltege Wuesstum, d'Reduktioun vun der Aarmut. Am Titre 4 geet et ëm d'Zesummenaarbecht um ekonomeschen an um handelspolitesche Plang. Justizkooperatioun ass den Titre 5.

Awer och ganz wichteg an dësem Accord sinn déi vill Artikelen, wou et ëm Fuerschung an Innovatioun geet. Titre 7: Educatioun a Formatioun a Jugend a Kultur. Am Titre 8 geet et ëm den Développement durable, de Changement climatique, deen ech schonn ugeschwat hunn. An da gëtt et och nach en Titre, deen, wéi an all deenen Accorden, den institutionelle Kader definéiert. An hei gëtt et dann e Comité mixte.

An och hei, wéi an deem Accord iwwregens virdrun, kann een ëmmer um Internet nokucken, wat an deene Comitéen diskutéiert gëtt, wat d'Ordre-du-jour sinn a wat do vun Decisiounen geholl gëtt.

De Conseil d'État huet säin Avis, e ganz positiven Avis ginn. En hat guer keng Observatioun ze maachen. Dofir wëll ech haut hei och den Accord vun der LSAP ginn, sachant, dass déi nächst Chamber, wéi gesot, muss um Accord de libre-échange tëschent Australien an der Unioun schaffen. A mir wëssen, dass dat Accorde sinn, wou sech eis Société civile vill Suerge mécht, dass dat Accorde sinn, wou d'Biergerinnen an d'Bierger sech vill Suerge maachen, dass dat Accorde sinn, déi mer müssen, wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach hunn, als Chamber ganz no verfolgeginn.

A wéi gesot, wann ech d'Chance kréien, nach eng Keier derbäi ze sinn, wäert ech mech och derfir asetzen, dass mer deen nächsten Accord mat Australien hei an der Chamber ganz gutt analyséiere wäerten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschtenen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci och hei dem Här Rapporteur Angel fir seng ganz gutt Rapporten. Ech mengen, en huet alles gesot. En huet och nach eng Keier d'Wichtigkeet vun deem Accord do ënnerstrach, deen och fir eis eigentlech Virbildcharakter huet fir aner Accorden, déi och an Zukunft wäerten ofgeschloss ginn.

Et ass hei en handelspolitesche Volet, et ass e wirtschaftspolitesche Volet, et ass och en nohaltegeektespolitesche Volet. An ech mengen, et ass och e ganz grouse wichtige Schrëtt a Richtung vun engem Fräihandelsaccord, deen, dat huet de Rapporteur och ënnerstrach, mengen ech, dee mer eis alleguerten natierlech wënschen, deen och net wäert esou einfach ginn. Ech deelen do dem Rapporteur seng Suerge. Nach, mengen ech, ass e vu grousser Wichtigkeet. Duerfir wäerte mir och dësem Accord eis Zoustëmmung ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dann huet den Här Berger d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Australien läit, wéi de Rapporteur gesot huet, deem ech och wëll direkt Merci soe fir säi gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport, op där anerer Säit vun der Welt. Fir vill vun eis ass et en Dram oder am beschte Fall eng Vakanzendestinatioun. Et ass awer e wichtigen ekonomeschen a politeschen Akteur, net nëmmen am Pazifik, mä doriwwer eraus. A se sinn och net nei, d'Relatioun mat der Europäescher Unioun an och eenzel Aspekter, déi Lëtzebuerg mat deem Kontinent, mat deem Land huet, ënner anerem och, et ass schonn drop higewise gi vum Rapporteur, déi Méiglechkeet, datt och Lëtzeburger Studente kënnen do säit Kuerzem e spezielle Visa kréien, fir ze schaffen.

Ech mengen, et ass och wichteg an Zäiten, wou mer mat anere Kontinenter oder grouss Natiounen de Moment vläicht e bësse méi Schwierigkeeten an de Relatiounen hunn, datt mer awer duerfir mat anere Kontinenter an Natiounen da kucken, déi beschméiglech Relatiounen ze hunn. An deen Accord hei, dat ass d'Basis eben, fir déi Relatiounen, déi mer schonn hunn, nach auszubauen. Ech ginn net méi op all d'Elementer an, vläicht just een, zwee och nach eng Keier erausgepickt.

Ech mengen, déi Elementer vu Mënscherechter, Klimaschutz, Nohaltegekeet an awer och zum Beispill de Kampf géint den internationalen Terrorismus a Kriminalitéit sinn och wichteg. Dat gesot, géif ech awer den Accord och hei vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Här President.

(Hilarité)

Ech sinn do, voilà. Also, wéi gesot, och mir soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen an och fir säi mëndlechen Rapport a mir gi selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Och vun eis aus nach eng Keier e grouse Merci un den Här Angel. D'ADR dréit och dësen Accord mat. Et ass awer vläicht ze ënnersträichen, datt mer jo och alleguer wëssen, datt déi ekonomesch Diplomatie ëmmer méi wichteg gëtt. An ech wëll just ënnersträichen, datt zu Canberra all Europäesch-Unioun-Memberstaten eng Ambassade hunn, bis op Lëtzebuerg! Also Malta ass vertrueden, Zypern, Estland, Lettland, Litauen an anerer, déi méi kleng sinn. Just Lëtzebuerg ass nach net do vertrueden.

(Brouhaha)

Also, wien och ëmmer - wien och ëmmer -, Här President, mat eis an déi nächst Regierung geet, mengen ech,...

(Hilarité)

...sollte mer higoen an och zu Canberra un eis Vertriedung denken. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, Rebelote, Här President. Mir hate virun e puer Wochen

de Partnerschaftsofkommes mat Neuseeland hei an der Chamber. An eigentlech kéint een datselwecht zu deem Accord soe wéi zu deem Accord mat Australien hei. Mir hu géint dësen Accord näischt. D'ailleurs sinn ech elo grad gewuer ginn, datt ee kee Partnerschaftsaccord brauch, fir e Partner an Australien ze hunn. Mä dëst gesot, natierlech deen Accord selwer ass ganz gutt, ass ganz fortschrëttlech. Mä mir wëssen awer, op wat en erausleeft, den Här Rapporteur huet et och selwer gesot: e Fräihandelsaccord.

A mir zweifelen dorun, datt et wierklech esou e Virbild gëtt fir Accorden, wéi den Här Mosar dat virdru gesot huet. Mir fäerten éischter, datt et en Nobild gëtt, well mer kennen Inhalter vun Accorde mat Kanada a Japan, déi eis awer ganz bedenklech erschéngen an och ganz vill Froen oploossen. An duerfir wäerte mer eis äänlech wéi bei Neuseeland bei dësem Accord enthalten. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet wéi virdrun, a Vertriedung vum Ausseminister, de Sozialminister, den Här Romain Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Jo, Merci, Här President. Merci och nach eng Keier dem Rapporteur fir säi Rapport, awer och der Kommissioun an de Fraktiounen fir dës grouse Support bei dësem Accord mat Australien, deen hei Lëtzebuerg als Member vun der Europäescher Unioun, mengen ech, nach méi enk un Australien liiert an déi international Zesummenaarbecht nach méi stäerkt.

Ech mengen, Dir wësst, datt Australien e staarke Partner vu Lëtzebuerg ass op der UNO respektiv an aneren internationalen Institutiounen. An ech mengen, grad dat heite weist och, datt mer hei e staarkt Bündnis hu mat Australien, fir eben och wat déi bilateral ekonomesch Bezéiungen ugeet, awer och demniewent, an de Rapporteur huet zu Recht gesot, och virun ze kucken, datt mer virun allem am Beräich vun der Entwécklungshëllef nei Pisten opgemaach kréien, fir zesummenzeschaffen op der ganzer Welt, och do am Partenariat, am bilaterale Partenariat, fir och do Aktiounen a Projeten zesummen unzegoen.

Et gesäit een och, datt grad an dësem Kader och d'Ennerschrëft, déi den Ausseminister gemaach huet de 27. September 2016 zu Canberra iwwer eben, och schonn hei ugeschwat, déi Méiglechkeet vum „Work and Holiday visa arrangement“ fir honnert Jonker tëschent 18 an 30 Joer, fir eben ee Joer an e Land ze goen, fir effektiv do Experienzen ze maachen, enger-säits fir d'Land kennenzelëieren, op där anerer Säit fir ze schaffen, datt dat dee richtige Wee ass. An ech mengen, et ass och dat, op Basis vun deem gudd Relatiounen tëschent zwee Länner kënnen entsoen. Dofir ass dësen Accord och wierklech breet gesinn e flotte Succès an erméiglecht eis nei Méiglechkeeten an dësem Beräich. Merci bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7261 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7261 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi 7261 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;



MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum Projet de loi 7173 iwwergoen: den 11. Fënnefjoresplang fir de Sport. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Cécile Hemmen.

6. 7173 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un onzième programme quinquennal d'équipement sportif

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Jo, Dir hutt et richtig gesot, mir sinn effektiv scho beim 11. Fënnefjoresplang, wou et dës Keier drëms geet, fir dem Sport ëmmerhin eng Zomm vun 120 Milliounen Euro zur Verfügung ze stellen an esou iwwert déi nächst fënnef Joer, also bis Enn 2022, de Bau, d'Renovatioun oder awer d'Modernisatioun vu bestoenden Infrastrukturen ze garantéieren.

Ech erënneren drun, dass d'Fënnefjorespläng am Budgetgesetz vun 1967 scho festgehal goufen ënnert der Bezeichnung „Fonds d'équipement sportif national“. Eigentlech sollten déi Fënnefjorespläng sech awer nëmmen op zwanzeg Joer beschränken, mä well d'Popularitéit vum Sport an och d'Besoinen op lokalem, regionale an och nationale Niveau sech esou bedeitend verbessert hunn, huet dat Ganz zur Weiderféierung gefouert.

Den 1. September 2017 ass dëst Gesetz vum 11. Fënnefjoresplang vum Sportsminister Roman Schneider deposéiert ginn. De Comité olympique huet den Text direkt e Mount drop aviséiert. Duerno am November huet de Syvicol säin Avis eragereecht an am Dezember dunn och de Conseil d'État.

Den 30. Januar 2018 ass de Gesetzestext eng éischte Keier an der zoustänneger Kommissioun dunn analyséiert ginn an am Laf vun den nächste Sëtzunge sinn eelef parlamentaresch Amendementer ausgeschafft ginn, an nom zweeten Avis complémentaire vum Statsrot konnt de Rapport dunn den 29. Mee ugeholl ginn.

Och an dësem 11. Fënnefjoresplang, grad ewéi an deem virdrun, gëtt den Akzent op déi sportlech Infrastrukture geluecht, déi op deene Plaze sinn, déi liicht zougänglech sinn, mä doriwwer eraus kommen nach allegueren déi derbäi, déi an de CDA, also an de Centres de développement et d'attraction gebaut ginn, grad ewéi all Sportsinfrastruktur no bei de Schoulen an de Structures d'accueil fir d'Kanner.

Partenariater si gewënscht fir déi méi deier Baute wéi d'Schwämmen zum Beispill. Hei kënnen d'Gemengen zesummeschaffen oder awer de Stat mat de Gemengen, fir dass esou jiddwerengem dee beschtméiglechen Accès soll garantéiert ginn, vum Fondamental iwwert de Postprimär bis hi bei de grand Public.

D'Planifikatioun vun neie Strukturen ass eng Saach. Mä doriwwer eraus sollen déi Bauten och wann néideg renovéiert a moderniséiert ginn. An deem Sënn sinn iwwert dës Fënnefjoresplang staatlech Hëllef virgesi fir d'Renovatioun an d'Modernisatioun. An et ass och festgehalen, ënner wéi enge Konditiounen eng komplett Renovatioun vun ale Sportsinfrastrukture ka subventionéiert ginn.

Nei an dësem Fënnefjoresplang ass och, dass de Sportsministère sech bis zu 750.000 Euro un de Salles de motricité, de sougenannte Bewegungsraum, ka bedeelegen, déi am Kader vun den Aarbechten an och den domat verbonnenen Objektiv vum de Maisons relais ugeduecht sinn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), rapportrice.- Et geet hei drëms, de Kanner eng Méiglechkeet ze bidden, fir iwwer eng gutt equipéiert Infrastruktur all méiglech basesch a fundamental Bewegungserfahrungen méi no ze bréngen. Klammern, Sprangen, Kopplabunz, Gläichgewicht, Schaukelen, bref alles dat, wat iwwer

eng aktiv Motoriksaarbecht ganz einfach ze realiséieren ass a wourun et de Moment leider a besonnesch bei deene Klengen hapert a feelt.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Wann ech gelift!

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), rapportrice.- Esou e Sall muss dann och mindestens 60 m² hunn a ka mat engem Airtramp, mat engem Klettergerüst an och soss Schaukelen equipéiert sinn. Et wär begreissenswäert, wann och d'Schoul oder eventuell d'LASEP, jo, firwat net d'Kanner an hirer Fräizäit op dës Offer, spriech den Zougang zu dësem Sall mat den Equipementen, géifen zrëckgräifen.

D'Personal gëtt wuel an d'Encadrement agefouert, mä eigentlech ass et geduecht, dass d'Kanner selwer no Loscht a Laun op de Geräter kënnen turnen a sech esou vill wéi méiglech bei Spill a Spaass natierlech bewegen. Dës Bewegungsraum ginn am Kader vun den normalen Tauxe vum Sportsministère subventionéiert an, wéi ech et scho gesot hunn, zu engem Plaffong vu bis zu 750.000 Euro.

Wat elo déi finanziell Enveloppe ugeet, esou hat ech virdrun de Chiffer vun 120 Milliounen Euro jo scho genannt. Fir déi 33 previsionell an och bekannte Projeten, wéi se elo annonciéiert sinn, wéi zum Beispill d'Sportszentre Biissen, Miersch, Stengefort, d'Sportshalen, d'Omni- an d'Multisportshalen, d'Schwämme Miersch, Born a Réimech zum Beispill, Fussballsterraine mat de Vestiaires Bouneweg an Hamm, Housen gehéiert och nach dozou, e Schéissstand, deen zu Bruch virgesinn ass, oder en Athletikstadion, also e Liichtathletikstadion zu Déifferdeng/ Woiver, si ronn 112 Milliounen budgetiséiert.

An dësen 112 Milliounen fanne mer och déi zweet Tranche mat 20 Milliounen erëm fir de Bau vum nationale Fussballs- a Rugbystadion op der Cloche d'Or, wou jo schonn den 10. Fënnefjoresplang déi éischt Halschent, also déi éischt 20 Milliounen, ofgedeckt hat.

Well dës Finanzéierungsprogramm sech awer iwwert déi nächst fënnef Joer zitt, kann een dovun ausgoen, dass nach eng etlech Projete wäerten derbäikommen, déi elo nach vläicht net bekannt sinn. Duerfir ginn nach 6.750.000 Euro zousätzlech virgesinn, wou iwwereng och d'Subventiounen fir d'Bewegungsraum, also déi beschriwwen Salles de motricité, dra sinn.

Den Informatiksprogramm vum der Gestiou vum den Infrastrukture schléit mat 1.250.000 Euro zu Buch, soudass mer, wéi gesot, un de globale Montant vun 120 Milliounen erukommen.

Et muss awer och nach drop higewise ginn, dass déi finanziell Hëllefstellungen nëmmen da spillen, wann d'Kritäre vum „stricte nécessaire“ agehale ginn an dat souwuel wat de Choix vun der Exekutioun wéi d'Architekturaarbechte betrëfft. Sollten elo am Laf vun de Joren onerwaarten a ganz dréngend Renovéierungsarbechte musse gemaach ginn, da kann dës Enveloppe och ugepasst ginn a gegebenenfalls iwwert d'Budgetgesetz gestëmmt ginn.

Dir hutt gemierkt, dass ech näischt iwwert de geplangtene Velodrom hei gesot hunn an dass ech deen net ernimmt hunn. Keng Angscht, déi Sue sinn och nach do! Schliisslech waren déi am 8. Fënnefjoresplang virgesinn. Se goufen och net ausginn, mä se si schéi mat virueholl ginn. An ech ka mer virstellen, dass de Buergermeeschter vu Mondorf dat net nëmme freet, mä e wäert och héchstwahrscheinlech a senger Interventioun dorobber zrëckkommen.

(Interruptions)

Déi lescht fofzeg Joer, Här President, Dir Damen an Dir Hären, hu gewisen, wéi wichtig den Invest an de Sport ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), rapportrice.- Haut sinn nach eng etlech wëssenschaftlech Erkenntnisser derbäikomm, déi drop hiweisen, dass de Sport an all Alterskategorie seng Berechtigung huet. Och ass eis Bevëlkerung jo an d'Luucht gaangen, d'Leit gi méi al a se sinn och Gott sei Dank méi laang aktiv.

Erschreckend ass, dass awer grad déi jonk Kanner un d'Bewegung müssen erugefouert ginn. Erfreelech ass et dann awer erëm, dass et déi effentlech Hand ass, déi et erméiglecht, fir dat iwwert déi equipéiert Bewegungsraum ze garantéieren.

Nach vläicht e puer Wuert zu den Avisen. De Comité olympique huet a sengem Avis vum 10. Oktober 2017 wësse gelooss, dass et ëmmer nach wichtig an noutwendeg ass, fir d'Fënnefjorespläng weiderlafen ze loossen, well et ëmmer nach e Manktum u Sportsinfrastrukture gëtt a verschiddene Géigende vum Land, an dass grad am Hibleck op déi demografesch Entwicklung de Sportsbesoinen muss lafend Rechnung gedroe ginn, sief et duerch

Ersetzen, Renovéieren, Moderniséieren oder awer Vergréissere vun existente Strukturen.

De COSL begreist och a sengem Avis, dass an der Kontinuitéit vum Héichleeschtungssport an där domat verbonnener Professionalisatioun och Infrastrukture virgesi sinn, déi op d'Recherche achséiert sinn. Dass d'Bewegungsraum dozou dénge wäerten, fir am Kader vum dem nationalen Aktionsplang „Gesond iessen, méi bewegen“ grad bei deene Klengen d'Motricitéit ze verbessern, gesäit de COSL och als eng ganz begreissenswäert Initiativ.

Am Avis kënnt de Comité och nach emol op seng Remarken a Recommendationen zrëck, déi e schonn an de viregte Fënnefjorespläng geussert hat. Am Hibleck op Neibaute vun de Sportsinfrastrukture wär et näamlech wëschenswäert, dass e pousséierte Cahier des charges-type géif ausgeschafft ginn oder awer, dass eng speziell Aarbechtskommissioun am Conseil supérieur géif derfir suergen, dass schnellstméiglech Planungsfeeler opgedeckt ginn an dass et och méi a méi Konzepter vu multifunktionelle Strukturen solle ginn, wou e Maximum u sportlechen Disziplinne kënnen an de beschtméigleche Konditiounen praktizéiert ginn.

Och soll méi regional wéi lokal geduecht a geplangt ginn an och a puncto Gestiou soll déi esou verbessert ginn, dass déi jeeweileg Halen oder soss Sportskomplexer d'ganz Woch iwwer, d'Weekender abegraff, kënnen benotzt ginn.

► **Une voix.**- Richtig!

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), rapportrice.- Eng weider Revendicatioun bleift d'Demande nom gratis Accès an d'Benotze vun de Sportsinstallatiounen fir d'Federatiounen an aner agreéiert Sportsassociatiounen. Alles an allem ass de COSL awer dësem 11. Fënnefjoresplang ganz positiv geséint.

Gradesou positiv gesäit de Syvicol dat och a begreist nach eemol d'speziell Erhéijung vun der finanzieller Enveloppe par rapport zu där virdrun a fënnt och, dass d'Subventiounen vun de Bewegungsraum eng ganz gutt Saach ass.

De Statsrot huet dräimol en Avis zu dësem Gesetz bruecht an huet zum Beispill d'Fro gestallt, wéi eng Infrastruktur dann elo ugeduecht ass, fir den aktuelle Liichtathletikstadion op der Areler Strooss ze ersetzen, dee jo verschwanne wäert, wann den neie Fussballstadion op der Cloche d'Or a Betrib ass.

Des Weideren huet de Statsrot drop higewisen, dass e puer nei Dispositiounen, déi am groussherzogleche Reglement sollte verankert ginn, wéi zum Beispill d'Definitioun vum Seuil de subventionnement, eigentlech hir Plaz am Gesetz selwer hätten. Esou ass dann elo gesetzlech festgehalen, dass e Renovatiounsprojet vu fënnef Milliounen un als Projet de grande envergure considéiert gëtt an dass Projete vun de sportlechen Equipementen bis zu enger maximaler Grenz vun 1,5 Milliounen Euro als Projet de faible envergure agestuft ginn an och net müssen op d'Lëscht vum groussherzogleche Reglement agedroe ginn.

Andeems d'Kommissioun dëser Remark Rechnung gedroen huet, war d'Opposition formelle domat opgehuewen. Och huet d'Kommissioun eng Proposition guttgeheescht a puncto Remboursement vun de Subsides, soudass beim zweeten Avis complémentaire keng Observatiounen méi ugefall sinn, an de Gesetzesprojet ass du vun de Kommissionsmemberen den 29. Mee ugeholl ginn.

Alles an allem huet dëst Gesetz siwen Artikelen an et bleift vläicht nach ze präziséieren, wat am Artikel 6 steet, näamlech dass nieft den Depensen a Subventiounen vun de sougenannte Projets d'envergure, déi am groussherzogleche Reglement deemno definéiert sinn, nach zousätzlech Ausgabe virgesi sinn am Budgetgesetz fir alles, wat den Ennerhalt an d'Renovatioun betrëfft vun de Projets de faible envergure a Realisatiounsprojete vun Equipementen de faible envergure.

Alles an allem ass dësen 11. Fënnefjoresplang 20% méi héich wéi den 10. Fënnefjoresplang. Vun 1968 bis 2022 wäert de Stat domadder net manner wéi 558 Milliounen an d'Entwécklung vun de Sportsinfrastrukturen investéiert hunn. Geet een elo dovun aus, dass et jo hei ëmmer nëmmen eng prozentual gestaffelt Subventioun ass vu 35%, 50% oder 75%, déi bei de Gemengeninvest bäigeluecht ginn, da sinn ëmmerhin 2 Milliarden Euro ausgi gi fir de Sport. Do dernieft sinn och 8.000 Aarbechtsplaze geschafe ginn am Beräich vum Sport an deene leschte ronn 50 Joer.

Här President, Dir Damen an Dir Hären, dës Rapport weist villes op, wat ganz positiv ass. Meng Fraktioun wäert dëst Gesetz och voll ënnerstëtzen. Ech ginn och dofir heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun an ech soen e grouse Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci och der Madamm Rapportrice. An éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Nancy Arendt.

Discussion générale

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Merci, Här President. Léif Kollegeen, léif Kolleginnen, et gëtt héich Zäit, dass mer dësen eelefte Fënnefjoresprogramm fir déi sportlech Infrastrukturen, Equipementen, Renovatiounen, nei derbäi d'Zones de motricité, d'Banque de données, ëmsetzen, well vill Gemengen, Syndikater oder sportlech Organisatiounen waarden op hir Suen.

Ënnert dësem Plang erlaabt d'Regierung, mat enger Enveloppe vun 120 Milliounen, sportlech Infrastrukturen ze finanzéieren, entweder 35%, wa se lokal Bedeitung hunn, 50%, wa se en Interêt régional hunn an iwwer 70%, falls et national Projete sinn.

Fir dës permanent wuessende Budget besser ze verstoen, ass et wichtig, d'Bevëlkerungszuelen ze analyséieren, virun allem an deene leschte Joren, wou tëscht 2006 an 2016, also a knapp zéng Joer, Lëtzebuerg ëm 22% gewuess ass. Konkret heescht dat 127.206 Awunner méi. Och d'Zuel vun eise Schüler geet konstant an d'Luucht. An dann ass et jo evident, dass eis Sportsinfrastrukture sech müssen upassen a komplettéieren, fir dësem Développement nozekommen.

Mir müssen allerdéngs net nëmme reagéieren op eng Populatioun, déi stänneg wiisst, mä och op eng klammend Zuel vun de Sportarten, déi permanent nei an d'Liewe geruff ginn. An dann ass et och nëmmen normal, dass de Besoin vun neien, ugepasste Sportsinfrastrukturen eng logesch Konsequenz ass.

D'Leit ginn an der Moyenne jo och méi al, an dofir gëtt et ëmmer méi wichtig, de Sport am méi héijen Alter ze férdere, well all Etüd beweist, dass et engem Land zeguttkënnt, wa seng Bierger esou laang wéi méiglech fit a mobil bleiwen. Mir brauchen hautdesdaags kengem méi ze erklären oder ze beweisen, wéi wichtig regelméisseg sportlech Aktivitéite si fir eist Wuelfbannen a fir eis Gesondheet, an et sollt eigentlech eng indispensable Composante vun eise Alldag sinn, esou wéi d'Aarbecht oder de Schlof.

D'Mentalitéit, fir gäre Sport ze maachen, därer eigentlech net ophale beim Schoulsport oder Sport an de Veräiner, mä soll och an der Fräizäit e feste Bestanddeel vun eise Liewensstil ginn, wa mer gären eng gesond, präventiv an nohaltig Approche zu eise Kierper wëlle kréien.

D'Weltgesundheitsorganisatioun recommandéiert all Dag ronderëm eng Stonn den Dag fir d'Kanner, fënnemol an der Woch fir déi Erwuessener an huet der Sedentaritéit de Kampf ugesot, fir den neie Stréimunge vun enger ëmmer méi digitaliséierter Gesellschaft entgéintzewierken, déi oft laang Sëtzen an net genuch Bewegung mat sech bréngt. Dofir brauche mer also net nëmme Gebaier a Material, mä mir müssen dat, wat mir hunn, a regelméisseg Ofstänn ëmmer erëm frësch an d'Rei setzen. An dat ass jo och virgesi mat dësem Programm.

En anere Phenomeen ass deen, dass den Héichleeschtungssport sech riicht weider professionaliséiert an doduerch op déi ëmmer méi spezifesch Besoinen muss reagiert ginn, wa mer net den Zuch vis-à-vis vum Ausland wëlle verpassen. Och de Comité olympique fënnt et wichtig a richtig, dass mir deenen ëmmer méi spezifesch Besoinen vum Héichleeschtungssport Rechnung droen. Dobäi muss et awer erlaabt sinn ze froen, ob et wierklech Sënn mécht an ob mer wierklech ëmmer selwer alles hei zu Lëtzebuerg müssen an d'Liewe ruffen oder ausprobéieren a komplett nei opbauen, amplat eis bei Ausnamathleten a bestëmmte Fäll un déi auslännesch Institutiounen an Experte mat laangjäregger Erfahrung unzeschleissen, zemoos well mer net an all Gebitt am Héichleeschtungssport kënnen mathalen an, mengen ech, och net déi néideg Masse critique hätten.

Här President, extrem wichtig ass eiser Meinung no, vun allerkleinstem Alter u Bewegung ze férdere. An dofir begreisse mir als CSV eng Iddi, déi mir eigentlech schonn de 4. Juli 2008 an engem Gesetz iwwert déi Jugendlech am Familljeministère gebuer haten an déi den éischte Kader gesat huet als national Referenz, mat enger Beschreiwung vu generelle Bewegungsobjektiver a pädagogesch fundamentale Prinzipien an der Kannerbetreuung.

Mir all wëssen, dass eis Kanner hautdesdaags net méi esou d'Méiglechkeet hu wéi fréier, sech dagdeeglech dobaussen an der Natur auszutollen, wéi dat nach zu eiser Zäit Usus war, a mer mat motoreschen Defiziten an Iwwergewicht ze kämpfen hunn, an dat leider scho vu klengstem Alter un. A mir müssen agéieren, fir dësem Phenomeen entgéintzewierken.